SÉANCE 20

MERCREDI,
26 JANVIER 2011

Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Lydia Mutsch, Vice-Présidente

Sommaire

1. Allocution de M. le Président à l'occasion de la visite officielle de SEM Pavel Gantar, Président de l'Assemblée nationale de la République de Slovénie

- *M. le Président*

2. 6201 - Projet de loi modifiant:

1. la loi modifiée du 21 mai 1999 concernant la fonction de candidat dans les carrières enseignantes de l'enseignement postprimaire
2. la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

- *Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media, des Communications et de l'Espace: Mme Sylvie Andrich-Duval*
- *Discussion générale: M. André Bauler, M. Ben Fayot, M. Claude Adam, M. Jean Colombera, M. André Hoffmann*
- *M. François Biltgen, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*
- *M. André Hoffmann, M. Fernand Kartheiser, M. François Biltgen, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

3. 6215 - Projet de loi portant modification

1. de l'article 3, paragraphe a) de la loi du 27 mai 2010 portant
   1. modification de la loi du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique,
   2. modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,
   3. modification de la loi du 9 juillet 2007 portant
      1) création d'un lycée à Luxembourg-Dommeldange
      2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,
   4. abrogation de la loi du 10 août 1991 portant
      1) création de la fonction d'instituteur d'économie familiale;
      2) modification de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire;
      3) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;
      4) modification de la loi du 6 septembre 1983 portant
         a) réforme de la formation des instituteurs;
         b) création d'un Institut supérieur d'études et de recherches pédagogiques;
         c) modification de l'organisation de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire;
2. des articles 42 et 46 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental

- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports: M. Ben Fayot*
- *Discussion générale: M. Emile Eicher, M. Eugène Berger, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser*
- *Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

4. Heure d'actualité demandée par le groupe DP au sujet de l'engagement et de la formation des chargés d'éducation

- *Exposé: M. Eugène Berger*
- *Débat: M. Jean-Paul Schaaf, M. Ben Fayot, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. André Hoffmann*
- *Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*
- *M. Fernand Kartheiser, Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*

5. Heure d'actualité demandée par le groupe DP sur l'éducation morale et sociale dans l'enseignement fondamental

- *Exposé: M. Eugène Berger*
- *Débat: M. Jean-Paul Schaaf, M. Ben Fayot, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. André Hoffmann*
- *Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*

6. 6151 - Projet de loi modifiant la loi du 16 juillet 1984 relative aux laboratoires d'analyses médicales

- *Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale: Mme Lydia Mutsch*
- *Discussion générale: Mme Martine Mergen, M. Carlo Wagner, M. Félix Braz, M. Jean Colombera*
- *M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. François Biltgen et Mars Di Bartolomeo, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

1. Allocution de M. le Président à l'occasion de la visite officielle de SEM Pavel Gantar, Président de l'Assemblée nationale de la République de Slovénie

Dear colleagues, I would like to draw your attention to the presence of His Excellency Doctor Pavel Gantar, the speaker of the Parliament of the Republic of Slovenia, who is currently on an official visit to Luxembourg with a distinguished delegation.

Dear colleague, I deem it a great honour and privilege to welcome you and your delegation warmly to this plenary session of the Chamber of Deputies. This morning we already had very fruitful discussions on European and bilateral issues and we are looking forward to further discussing our common projects later today, as well as tomorrow. On behalf of the Chamber of Deputies, I wish you a very pleasant stay in Luxembourg.

(Applaudissements)

Als éischte Punkt haut de Mëtteg hu mer de Projet de loi 6201 iwwert d'Kandidate fir den Enseignement postprimaire. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Andrich-Duval, den Här Bauler, den Här Fayot, den Här Adam an den Här Colombera. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Sylvie Andrich-Duval. Madame Andrich-Duval, Dir hutt d'Wuert.

2. 6201 - Projet de loi modifiant:

1. la loi modifiée du 21 mai 1999 concernant la fonction de candidat dans les carrières enseignantes de l'enseignement postprimaire

2. la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media, des Communications et de l'Espace

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV), rapportrice.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Haaptobjet vun där heiteger Ëmännerung vum Gesetz zum 21. Mee 1999 iwwert d'Fonctioun vum Kandidat an der Professesch-Carrière vum Secondaire ass d'Aféiere vun enger Dispens vun der Kandidaturaarbecht fir de Stagiaire oder de Kandidat-Professer am Fall, wou deejéinegen en Doktorat huet.

De Projet de loi N°6201 ass vum Enseignement-supérieurs-Minister Fränz Biltgen den 1. Oktober hei an der Chamber déposéiert ginn. De Projet war motivéiert, an et louch och e Kommentar bäi zu de jeeweilegen Artikelen. Den 10. November koum dunn den Avis vun der Chamber vun de Statsbeamten an öffentlechen Ugestallten eran. De Statsrot huet säin Avis de 16. November zougestallt.

An enger éischter Réunioun vun der Kommissioun vum Héichschoulwiesen, vun der Fuerschung, de Medien, de Kommunikatiounen a vum Weltraum sinn ech den 11. Oktober als Rapportrice bestëmmt ginn. Den 22. November huet d'Kommissioun den Avis vum Statsrot analyséiert an eng Rei Amendementer ugeholl. Dës goufen de 7. Dezember vum Statsrot aviséiert. An der Sitzung vum 13. Dezember huet d'Kommissioun dësen Avis ënnert d'Lupp geholl, ier de schréftleche Rapport eestëmmeg ugeholl gouf.

Fir déi gesetzlech Ännerung an de Kontext ze setzen, just e kuerze Rappel vun den aktuelle Bestëmmunge vum Gesetz vum 21. Mee 1999, dat de pedagogesche Stage vun de Lycéesproffe reforméiert huet. Deemools gouf décidéiert, dass déi wëssenschaftlech Fuerschungsaarbecht, déi soss während dem pedagogesche Stage ze verfaassen an ze presentéiere war, en eegent Element an der Carrière vun deem zukünftegen Enseignant géif duerstellen.

Et gouf eng nei Period vun 18 Méint agefouert, „Candidature" genannt, déi nom pedagogesche Stage uleeft. D'Fonctioun vum Kandidat, fir déi een eng Nominatioun kritt, gouf och nei geschaf. De Kandidat muss dann elo déi wëssenschaftlech Fuerschungsaarbecht zum Schluss vun der Kandidaturperiod presentéieren. Hie kritt déi definitiv Nominatioun als Professer eréischt, wann en dat mat Succès gemaach huet.

Dës Reform gouf an d'Wee geleet, fir d'Recherche hei zu Lëtzebuerg ze valoriséieren an ze förderen. Fir de Moment gesäit dat Gesetz keng Méiglechkeet vir, fir vun der Kandidaturaarbecht dispenséiert ze ginn. D'Verwaltung gëtt awer regelméisseg mat esou Demandë befaasst vu Stagiaire-Professeren oder Kandidaten, déi iwwer en Doktorat verfügen.

D'Regierung mengt, dass, wann ee bis en Doktorat huet, de Beweis erbruecht wier, dass een d'Capacitéiten huet, fir eng perséinlech wëssenschaftlech Aarbecht ze liwweren a fir eng Denkaarbecht vun héijem Niveau ze leeschten. Dofir sollen dës Persoune vun enger zweeter Fuerschungsaarbecht dispenséiert ginn.

D'Dispens kann entweder während dem Stage pédagogique oder während der Kandidaturperiod ugefrot ginn. Am éischte Fall kann de Stagiaire no sengem mat Succès ofgeschlossene Stage direkt Professer genannt ginn an e brauch net méi d'Kandidaturperiod ze duerchlafen. Am zweete Fall kann de Kandidat nach virum Oflaf vun der Kandidaturperiod seng Nominatioun als Professer kréien. Dat gëllt och fir déi Persounen, déi beim Akraafttriede vun deem haut ëmgeännerte Gesetz grad just an der Kandidaturperiod sinn.

Opgrond vun enger opgeworfener Fro vum Statsrot huet d'Kommissioun e parlamentareschen Amendement verfaasst, dass all Typ vun Doktorat unerkannt ass, ënnert der Konditioun awer, dass en am Register, deen d'Héichschoultitele schützt, opgefouert ass. Et sinn awer insgesamt wéineg Persounen, déi a Fro kommen, d'Dispens unzefroen.

Just zur Informatioun: D'Regierung huet nach generell Statistiken iwwert d'Kandidaturaarbechte geliwwert op Réckfro vun de Kommissiounsmemberen. Heizou fënnt ee weider Detailer a mengem schréftleche Rapport.

De Gesetzesprojet gesäit awer och nach d'Méiglechkeet vir, fir déi bestehend Kandidaturperiod vun 18 Méint ëm maximal sechs Méint ze verlängeren. Effektiv huet sech an der Praxis erwisen, dass déi Zäitspan vun 18 Méint net ëmmer duergeet, fir déi wëssenschaftlech Kandidaturaarbecht ze preparéieren an ofzeschléissen. Wann eng Verlängerung vum Minister accordéiert gëtt, kritt ee während dëser Zäit awer keng Décharge vu fënnef Stonne méi, wéi dat de Fall ass während der initialer Kandidaturperiod, well d'Verlängerung soll net d'Regel sinn, mä éischter d'Ausnahm.

De Statsrot hat insistéiert, dëst misst an de Gesetzestext selwer stoe kommen, wat d'Kommissioun dann och ënner Form vun engem parlamentareschen Amendement gemaach huet.

Bei den Diskussiounen an der Chambers-kommissioun ass kloergestallt ginn, dass déi nei Dispositioun vun der Verlängerung keen Afloss wäert hunn op déi duerch d'Gesetz virgesinnen Ausfäll duerch e Krankeschäin oder divers Congéen, wéi e Congé de maternité zum Beispill. Déi accordéiert Kandidaturperiod gëtt also net doduerch beschnidden.

Zousätzlech gëtt am Gesetzesprojet an engems profitéiert, fir verschidden nei Enseignantsfonctiounen an d'Gesetz bäizesetzen, déi elo kierzlech geschaf goufen duerch d'Reform vun der Beruffsausbildung an duerch d'Gesetz vum 27. Mee 2010, dat de Personalkader vun de Lycéeën an d'Gehältergesetz vum Stat ofännert. Et sinn dëst: de Formateur fir Erwuessener, de Professer fir Moral- a Sozialunterrecht gradesou wéi de Schoulmeeschter an der Économie familiale. Och am Gehältergesetz vum Stat ginn dës Fonctioune bäigesat, well déi Enseignanten och déiselwecht Gehälterreduktioun kréie wéi déi aner Enseignanten, soulaang se de Statut vum Kandidat hunn.

D'Chamberskommissioun huet nach verschidden aner Remarquen a Suggestioune vum Statsrot ugeholl, déi de Gesetzestext méi kloer maachen, an och e materielle Feeler, dee sech ageschlach hat, richteggestallt. Des Weideren ass enger Remarque formeller Natur vun der Chamber vun de Statsbeamten an öffentlechen Ugestallten, wat den Titel vum Gesetz ubelaangt, Rechnung gedroe ginn. Déiselwecht Chamber begréisst de Gesetzesprojet insgesamt, bedauert awer, dass an de leschte Jore vill Kandidaten hir Kandidaturaarbecht net méi maachen, a wërft d'Fro op, ob een dës wëssenschaftlech Aarbecht net misst obligatoresch maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann nach de Membere vun der Chamberskommissioun Merci soe fir déi konstruktiv Diskussiounen, gradesou wéi dem Sekretariat vun der Chamber an der Fraktioun, awer och dem Här Minister Biltgen a senge Beamte fir déi flott Zesummenaarbecht an deem Dossier. Ech ginn och heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun zum virleiende Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen der Madame Rapportrice Merci, an als éischte Riedner ass den Här André Bauler agedroen.

Discussion générale

M. André Bauler *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet sollen d'Anwärter op d'Proffecarrière, déi en Doktorat opweises hunn, an Zukunft net nach en zousätzlechen Travail de candidature, och „TC" genannt, musse maachen. Dat ass ze begréissen, well Enseignantë mat Doktorat hu schonn Erfahrunge mat der Fuerschungskultur gemaach. Dofir brauche si effektiv net nach eng Kéier esou en Effort ze maachen, fir Lycéesproff kënnen ze ginn.

Den TC war ëmmer nach en Élément de carrière an e soll iwwert de Stage an iwwert déi praktesch Examen eraus dem Enseignant, deen d'Proffecarrière ustrieft, e Kader liwweren, deen eng intellektuell Erausfuerderung duerstellt. Dat zeechent den Titel vum Lycéesproff aus a weist, datt e wëlleg a fäeg ass, fir sech op eng Recherche ze konzentréieren.

Eppes, wat engem ze denke gëtt, dat ass, datt och Leit, déi en Doktorat hunn a sech dem Concours stellen, échouéiere kënnen. Dacks ass dat, esou gouf eis an der Éducationskommissioun gesot, well dës Kandidaten ze spezialiséiert wieren an dann och emol op e ganz fachspezifeschen Detail net richteg oder guer net äntwerte konnten.

Fir esou onglécklech Situatiounen ze vermeiden, muss den Examen-concours de recrutement iwwerschafft ginn, an et muss virun allem derfir gesuergt ginn, datt klipp a kloer feststeet, wat fir eng Wëssensgebidder a Matièrë gepréift ginn. Besteet do keng komplett Transparenz, da kënnt et zu Ongerechtegkeeten an et kënne Leit sech wéinst Detailer, wou se net Bescheed woussten, net en rang utile klasséieren, obwuel se gutt Enseignanten hätte kënne ginn. De Concours muss also an deem Sënn op de Leescht geholl ginn.

Et soll och weiderhi Wësse gepréift ginn, mä dernieft och verschidde Kompetenzen, wéi zum Beispill d'Fakultéit, fir sech schrëftlech a mëndlech auszedrécken, ze interpretéieren an ze synthetiséieren etc. Dat sinn e puer Viraussetzungen, déi et erlaben, de Stage méi liicht ze suivéieren.

De Stage pédagogique, wéi de Numm et scho kloer mécht, soll awer sengersäits all didaktesch a schoulesch Theme behandelen an de Stagiaire op säi Beruffsliewe preparéieren. Dat ass eiser Meenung no net d'Aufgab vum Concours!

Ech profitéieren nach vun der Geleeënheet, fir e puer Statistiken an Erënnerung ze ruffen, déi mam TC ze dinn hunn. De Minister François Biltgen huet mer matgedeelt, datt an deene leschten zéng Joer 474 Travaux de candidature vu 732 finaliséiert konnte ginn. 258 Kandidaten hunn nach keen Travail de candidature mat Erfolleg presentéiert; dat sinn ëmmerhi 35%. Néng Kandidaten hunn et net bei der Soutenance gepackt. 60 goufen der refuséiert, well se hir Aarbecht net an de virgeschriwwenen Délaië presentéiert haten, an 125 hunn der Kommissioun iwwerhaapt kee Sujet proposéiert.

Dat si bal 200 Enseignanten, déi keen TC mat Succès bestanen hunn a folglech och net den Titel vum Lycéesproff kënne kréien. Et gesäit een, datt d'Zuel vun den Enseignanten, déi en TC hätte kënne presentéiere bezéiungsweis ofschléissen, relativ héich ass, ëmmerhi bal 27%.

Duerch d'Tatsaach, datt eng wuessend Zuel vun Enseignanten den TC net maachen oder net bestanen oder emol iwwerhaapt kee Sujet eragereecht hunn, baut sech eng weider Carrière op an d'Zersplitterung vum Corps enseignant hëlt weider zou. Dofir misst eng Ursaachefuerschung gemaach gi fir erauszefannen, firwat eng steigend Zuel vun Enseignantë sech dëser wichteger Aarbecht verweigeren. Feelt et hinnen un Äifer? Si se sproochlech oder organisatoresch iwwerfuerdert? Fanne se kee Patron oder keen appropriéierte Sujet? Froen iwwer Froen, op déi mer eng Äntwert sollte fannen.

Ech schléisse mech jiddefalls dem Avis vum Statsrot a vun der Statsbeamtekummer un, déi verlaangt hunn, datt den TC nees obligatoresch misst sinn, well en eben, ech zitéieren: «indispensable à la fonction de professeur» ass, fir d'Statsbeamtekummer nach eng Kéier ze évoquéieren, zemools wou 65% vun deenen, déi en TC réusséiert hunn, e Mémoire pédagogique opweises hunn.

An deem Kontext wollt ech preziséieren, datt et an dësem Fall och net schlecht gewiescht wier, wann d'Proffegewerkschafte matzäit ëm hiren Avis gefrot gi wieren, well et hir Leit jo direkt betrëfft.

Eng lescht Remarque: Aarbechten a Recherchen, déi am Kader vum TC gemaach ginn, däerfen net fir den Tirang geschriwwe ginn, mä mussen e konkrete Néierschlag hunn, sief op wëssenschaftlechem, literareschem oder pedagogeschem Niveau. Den TC soll de préférence der Lëtzebuerger Gesellschaft oder der Fuerschungslandschaft am Allgemengen, ob heiheem oder dobaussen, en Apport liwweren, nëmmen da sinn déi Suen, déi an den TC a puncto Décharge gestach ginn, net verbëtzt.

Dofir ass et wichteg, fir den TC sou wäit wéi méiglech gutt ze encadréieren. Et kënnt och manner op d'Produzéiere vu Säiten a Säiten u wéi op d'Qualitéit, op d'Behandele vu prezisen a gutt definéierte Sujeten, op Aarbechten, déi der Allgemengheet hëllefen, Fortschrëtter ze maachen.

Ofschléissend, Dir Dammen an Dir Hären, wéilt ech der Rapportrice, der Madame Sylvie Andrich-Duval, félicitéiere fir hiren exhaustive mëndlechen a schrëftleche Bericht a ginn den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Bauler. Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Jo, Merci, Här President. Mir gi selbstverständlech och dësem Projet ons Zoustëmmung, an ech wollt der Madame Rapportrice Merci soe fir déi Aarbecht, déi se gemaach huet. Ech wollt eng Fro just ganz kuerz uschneiden, och à l'adresse vum Minister, wann en eventuell… Bon, en ass elo fort, mä d'Madame Delvaux kann em da Bescheed soen, wat ech soen.

Déi Fro, déi den Här Bauler opgeworf huet iwwert déi Travaux de candidature, ass interessant. Mir ersetze jo hei, wann een en Doktorat huet, deen Travail de candidature duerch deen Doktorat a mir huelen dofir eigentlech egal wat fir een Doktorat un, ouni dass dat elo méi fachbezunn ass.

Ech hu mer d'Fro gestallt, och wéi ech déi Zuele vum Här Bauler héieren hunn - dass mer do e puer Honnert där Travaux de candidature kréien, och elo Doktoraten -, étant donné och e bëssen d'Schwächt vun de Sciences de l'éducation zu Lëtzebuerg, ob een net soll en Effort maachen, fir déi Travaux de candidature, ech wëll net soen ze orientéieren, mä op déi Sujeten ze orientéieren, déi wichteg si fir d'Lëtzebuerger Schoul.

Do ass e risege Gisement intellectuel, deen ee kéint profitéieren, fir an de Sciences de l'éducation op verschiddene Pläng eppes weider ze kréien. Ech ginn dat un den zoustännege Minister weider, fir eventuell op der Uni der Faculté des sciences pédagogiques dat mat op de Wee ze ginn, fir do ze kucken, ob een net kéint eng Koordinatioun kréie fir déi Travaux de candidature respektiv, wann Doktorate gemaach ginn, op e Wee se bréngen, wou se ons géifen nëtzen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Fayot, an als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech der Rapportrice, der Madame Andrich-Duval, Merci soe fir hir Aarbecht. Dëst Gesetz bréngt Ännerungen op zwee Punkten:

Engersäits gëtt d'Lëscht vun de Proffen erweidert ëm de Professer vun der Formation morale et sociale an ëm de Formateur pour adultes. Dozou gouf et vu kenger Säit Awänn. Dat ass eng Upassung un d'Realitéit an et wäert net déi lescht sinn, déi op dësem Gebitt gemaach gëtt.

Anerersäits gëtt d'Méiglechkeet agefouert, eng Dispens ze kréien, also net méi mussen een Travail de candidature ze redigéieren, wann de Stagiaire oder Professeschkandidat schonn een Doktorat gemaach huet. Een Doktorat ass méi exigent wéi en Travail de candidature. A well esou een Travail de candidature eigentlech genau an déiselwecht Richtung ka goe wéi en Doktorat, schéngt et eis logesch ze sinn, datt d'Méiglechkeet vun enger Dispens accordéiert gëtt.

Wuel gemierkt, et handelt sech ëm d'Dispens vun enger Aarbecht, net ëm eng Dispens vum Stage. Dat ass jo ee ganz anert Puer Schong.

Un der Pai ännert sech näischt mat dësem Gesetz, an esou steet dann och am Rapport vun der Kommissioun: «Le projet sous rubrique n'introduit pas de modifications en matière de rémunération.» Mir mengen allerdéngs, datt een net vill Fantasie brauch, fir sech virzestellen, datt ganz geschwë Revendicatioune komme fir eng Gehaltsopbesserung.

Mir menge jo haut, mir géifen d'Doktorat mat dem Travail de candidature gläichsetzen. Aner Interessegruppe wäerten eis erzielen, mir hätten den Travail de candidature mam Doktorat gläichgesat. Mä dat sinn dann Erausfuerderunge vun der Zukunft, déi deen dee Moment zoustännege Minister dann däerf klären.

déi gréng bréngen hiren Accord zu dësem Gesetz, well et logesch ass, datt een dës Mesure hëlt, soulaang wéi ee sech op déi bestehend Reglementatioune berifft. déi gréng sinn allerdéngs der Meenung, datt déi aktuell Situatioun vun der Formatioun vun eisen Enseignantë ganz vill Froen opwërft.

M. André Hoffmann *(déi Lénk)*.- Dat ass dat Mannst, wat ee ka soen!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här Hoffmann.

Ech probéieren, dat um Beispill vun engem Mathés- oder Physiksproff ze illustréieren: E jonke Mënsch studéiert säi Fach op enger Uni, fir e Bachelor ze kréien. Am Prinzip huet en also während sechs Semestere fachlech Kenntnesser a sengem Fach kritt an en huet d'Grondlage vun engem wëssenschaftleche Schaffe geléiert. Duerno mécht dee Student e Masterstudium, dat op sengem Bachelor opbaut, woumat e seng Kenntnesser a säi Wëssen aus dem Bachelorstudium verdéift an erweidert.

Dee jonke Mënsch misst also elo en zimleche Crack an der Mathé oder Physik sinn. Dëse jonke Mënsch ass natierlech och interessant, besonnesch an deenen dote Fächer, fir d'Privatindustrie. Dat kéint bedeiten, datt en eventuell schonn eng interessant Plaz an engem grousse Konzern ugebuede kréich an och net an den Enseignement wéilt goen. Dat ass och vläicht ee Grond, firwat datt grad just an deenen dote Fächer e Mangel u Leit ass am Enseignement.

Vläicht huet dee Student dann och nach d'Méiglechkeet, den Interessi, d'Kraaft, d'Ausdauer, fir direkt hanner säi Studium een Doktorat drunzehänken. Mir hunn et also ënner Ëmstänn mat exzellente Mathematiker oder Physiker ze dinn, déi genial an hirem Fach sinn. Bleift d'Fro, wat dat mam Enseignéieren an engem Lycée ze dinn huet.

Mir mengen, datt an der méiglecher Beschreiwung, déi ech elo grad opgezielt hunn, d'pedagogesch Kenntnesser an d'sozial Kompetenzen ze kuerz kommen. Enseignant ass ee Beruff, deen ouni Zweifel een zolidd Fachwësse verlaangt, mä awer och de néidege Bagage, fir dat Fachwëssen un de jonken, eventuell bequemen oder oninteresséierte Schüler ze kréien.

Mir brauchen also souwuel Fachwësse wéi och sozial Kompetenz. An duerfir huet déi gréng Fraktioun haut de Mëtteg en Débat d'orientation ugefrot, wou mer d'Fro iwwert de Profil vum Enseignant an och nach eng Rei aner Froe solle mat alle Betraffenen ausdiskutéieren an dann déi néideg Konsequenzen doraus zéien.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Adam. An als nächste Riedner ass den Här Colombera agedroen. Här Colombera, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Colombera *(ADR)*.- Merci, Här President. Am Prinzip hu mer näischt géint dësen Text a mir wäerten e matstëmmen. Mir soen der Madame Andrich villmools Merci fir hire Rapport.

Ech wëll hei nëmme gär eng Reklamatioun virbréngen, Här Minister, an dat ass déi vun der APESS. D'APESS bedauert et, dass Dir et net fir néideg fonnt hutt, dësen Avis (veuillez lire: Projet de loi) virzeleeën, fir dass si och kéinten en Avis ausschaffen. Obschonn dësen Text Inzidenze fir hir Pai huet: Si hunn näischt dergéint, wuelverstanen, si sinn och derfir; dat war ëmmer eng ural Fuerderung vun der APESS. Mä dësen Text ass un zwou Chambere weidergeleet ginn, dat sinn d'Chambre des fonctionnaires et employés publics an d'Chambre des salariés, déi direkt näischt domat ze dinn huet. An dräimol däerft Der da roden, wien der APESS den Text virgeluecht huet: net d'Chambre des fonctionnaires et employés publics, mä d'Chambre des salariés!

Bon, elo wollt ech dann och froen: Ass dat dann elo esou Usus, dass d'Gewerkschaften net méi gefrot ginn? Mir hate jo Antécédentë mam neie Gesondheetsgesetz vum Här Di Bartolomeo, dee vergiess hat, carrément vergiess hat, fir einfach dem Collège médical den Text fir en Avis ze ginn. Dofir wollt ech Iech froen - ech mengen, vu dass Äre Ministère kompetent ass, professionell schafft, wëll ech da jo gär froen -, ob dat ee Lapsus ass oder ob do eppes aneschters dohannert steet.

Dat gesot, Här President, wäerte mir deen Text hei matstëmmen. Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Colombera. Als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

M. André Hoffmann *(déi Lénk)*.- Här President, ech hunn natierlech näischt dergéint, dass mer den Doktorat als Ersatz vum Travail de candidature unerkennen, am Géigendeel! Ech stëmmen also d'Gesetz.

Allerdéngs mengen ech och, dass mer déi ganz Formatioun an de Rekrutement vun den Enseignantë ganz kräfteg missten iwwerdenken. Also zum Beispill deen Travail de candidature: fënnef Joer Uni - wann et gutt geet - mat enger Rëtsch Seminaraarbechten an engem wëssenschaftlechen universitäre Mémoire, dann de Stress vun engem Concours, bei deem d'Kritären, fir ugeholl ze ginn, alles anescht wéi kohärent an transparent sinn! A wann d'Madame Minister mer et net wëllt gleewen, froen ech mer d'Parole après ministre an dann zielen ech hir e puer Beispiller.

Dann e Stage vun zwee an en halleft Joer: no der siwenter Reform vun deem Stage nach ëmmer méi Stress wéi néideg a méi pseudotheoreteschen a repetitive Jargon wéi nëtzlech. An da menge se: Elo hunn ech et gepackt, elo kann ech u mäi Beruff goen! Schoul halen esou gutt wéi méiglech, dat kascht Energie an Zäit, méi wéi munchereen heibannen oder dobausse mengt! Awer neen, dann nach deen Travail de candidature: honnert Säiten iwwert dem Spinoza säi Gottesbegréff oder iwwert d'Schwaarz Lächer am Enseignement! Dat soll der Recherche déngen, heescht et offiziell am Gesetz.

Ech fäerten, de Fuerschungscharakter vun deem Travail de candidature, dee gëtt ganz staark idealiséiert, an ech wetten, dass net selten net nëmmen d'Doktoratsdissertatioun, mä och de Mémoire op der Uni vum Master méi e wëssenschaftleche Charakter hat wéi deen Travail de candidature. Ech mengen, et wär méi gescheit, amplaz déi Schikan do no der Ausbildung nach eng Kéier drunzehänken, wann d'Enseignantë während hirer Beruffscarrière géifen u kollektive Fuerschungsprojeten deelhuelen, déi wierklech och praxisorientéiert wären.

Et ass fir mech verständlech, firwat munch neigebakenen - an d'Zuele si jo genannt ginn, et sinn der net wéineg -, Enseignant deen Travail de candidature emol op d'laang Bänk dréckt, well e méi motivéiert ass, fir Schoul ze halen, wéi nach e Mémoire ze schreiwen. Am Iwwregen zur Freed vum Finanzminister! Mat ongeféier dräi Kandidate spuere mer ee reguläre Posten, wéinst der Aarbechtszäit. De Statsrot iert sech also och, wann e mengt a sengem Avis, déi Kandidaten hätten eng privilegéiert Situatioun.

Ech huelen un, dass mer haut nach eng Kéier op d'Fro vun der Formatioun a vum Rekrutement kënnen zréckkommen, an op d'Noutwendegkeet vun enger Reform. Awer besser wéi déi, déi bis elo gemaach gi sinn!

M. le Président.- Merci dem Här Hoffmann. An elo kritt d'Wuert den Här Héichschoulminister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.-* Merci, Här President. Dëse Projet de loi ass, aneschters wéi Är Conférénce des Présidents gemengt huet, effektiv e Projet, deen den Héichschoulminister, net d'Schoulministesch, déposéiert huet, obwuel et d'Schoulministesch concernéiert an och mat hir zesummen ausgeschafft gouf. Well ech hat gefrot, fir all meng Projete muer de Mëtteg ze kréien; deen heiten hunn ech dann hei kritt, well…, mä ech sinn hei!

Dir gitt jo herno nach op d'Formatioun a vun den Enseignanten, dofir ginn ech net dorobber an. Ech wëll lech awer just soen, an ech mengen, d'Madame Schoulministesch wäert dat herno och nach soen, dass selbstverständlech envisagéiert ass - sot dem Här Bauler -, de Concours de recrutement ze reforméieren.

Hei ass eigentlech elo eng ganz kleng Reform, déi awer an deem Sënn wichteg ass, well mer einfach d'Aarbecht vun deem, deen en Doktorat huet, unerkennen a soen: „Wann s de schonn eng Kéier en Travail de recherche gemaach hues, brauchs de net nach weider en Travail de recherche ze maachen." Elo kann ee sech da froen - mä dat sinn da Froen, déi ze stelle sinn en vue vun enger Reform: Muss een iwwerhaapt en Travail de recherche maachen, ob an där enger Form oder an där anerer Form? Déi Fro kann ee sech stellen, mä ech mengen, dat si Froen, déi dann och méi erëm eng Kéier den Employeur, de Secondaire elo interesséieren.

Mir waren allerdéngs der Meenung, dass mer, wa mer schonn de Bologna-Prozess wëllen duerchsetzen, dann och effektiv eppes solle maachen, fir den Doktorat tel quel och unzëerkennen. Elo sinn hei d'Meenungen auserneegaangen: Bréngt et eppes an der Pai, bréngt et näischt, an esou weider, dat ass ëmmer, wéi een et kuckt. Dat ass och net d'Ursaach gewiescht, fir deen heite Projet ze maachen. Et ass einfach, fir ze soen: „Du hues eng Kéier eng Aarbecht gemaach, an dat soll och duergoen."

Ech wëll just d'Ziffere soen, well déi gefrot gi sinn: Vu 474 Aarbechten, déi erakomm sinn, waren der 308 e Mémoire pédagogique; och dass een dat weess, dass dat der relativ vill sinn.

Den Här Adam huet zwou Saachen hei ervirgehuewen...

Ech hätt nach eppes fir den Här Fayot, wollt ech nach soen. Dir hat mer eng Fro gestallt?

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Iwwert dee „Potentiel intellectuel", deen an deenen engersäits Travaux…

M. François Biltgen, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.-* Jo, okay!

M. Ben Fayot *(LSAP).-* ...de candidature ass...

M. François Biltgen, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.-* Et ass gutt…

M. Ben Fayot *(LSAP).-* ...an och am…

M. François Biltgen, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.-* Richteg! Also, nach eng Kéier: Woufir kann esou e Mémoire iwwerhaapt wichteg sinn? Do mengen ech, dass et scho wichteg ass, dass mer zu Lëtzebuerg méi Recherche kréien an dass déi Remarque, déi den Här Fayot gemaach huet, fir ze soen: „Majo, soll een dat net méi op d'Besoine vu Lëtzebuerg achséieren?", dass dat eng richteg Fro ass, an et ass fir mech - da schwätzen ech dës Kéier als Fuerschungsminister -, et ass fir mech eng transversal Fro.

Dat ass eppes, wat mer wëlle mam Fonds national de la Recherche ugoen. Mir hu virun zwee Joer hei zesummen eng Reform gestëmmt vun den Aides à la formation-recherche, déi elo vum Fonds national de la Recherche verwalt ginn. Et war ëmmer esou, dass d'Iddi war: Du méchs gär Recherche an da stells de deng Ufro, fir Suen ze kréien, a wann s de iergendeppes mat Lëtzebuerg ze dinn hues, da kriss de se. Esou si mer bis elo gefuer während zéng Joer, oder méi wéi zéng Joer souguer. Esou si mer an der leschter Zäit gefuer.

Elo wëlle mer dat vill méi streamlinen a vill méi achséieren. Dat heescht, mir hätten net nëmme gär, dass mer soen: „Jonke Mënsch, mell du dech beim FNR, fir eng Aide ze kréien", mä mir hätte gär, dass souwuel d'Uni, awer och d'Betriber, d'Centre-de-recherche-publiquen, vläicht souguer auslännesch Unië mat eis zesummeschaffen a soen: „Hei si Sujeten, déi sinn interessant. Ass keen interesséiert drun, eppes op deem Sujet ze maachen?" Da kann een effektiv och emol geziilt Sujeten ausschreiwen. Et ass eppes, wat ech mer schonn iwwerluecht hunn eleng als Justizminister, well do gëtt et wéineg Recherche zu Lëtzebuerg: dass ee seet, wéi ee ka kucken, fir effektiv Doktoratsaarbechten ze kréien zu Sujeten, déi een dann herno kann zu Lëtzebuerg verwennen.

Dat ass also eng Fro, déi ech elo net nëmmen hei als Héichschoulminister mat Jo beäntwerten, mä wou ech awer och als Fuerschungsminister soen, mir sollen effektiv kucken, fir méi Sujete selwer virzeginn. Well een, deen am Ausland studéiert, dee mécht oft eppes, wat säin Doktorvater dann interesséiert. Zu Lëtzebuerg kann et aneschters sinn. Et sinn der och am Ausland, déi lëtzebuergesch Sujeten hunn. Mä wa mir selwer soen: „Ma hei si Sujeten, déi géifen een interesséieren, mat deem s de och kéints kollaboréieren zu Lëtzebuerg, fir däin Doktorat ze maachen", mengen ech, géife mer d'Doktoratsaarbecht, d'Recherchesaarbecht fir Lëtzebuerg doudsécher verstäerken. Dat ass also e Punkt, un deem mer effektiv schaffen. Dat war dat, wat ech dem Här Fayot wollt äntwerten.

Den Här Adam hat déi aner Fro opgeworf. Déi Éischt: Wär et net besser, d'Leit géife méi pedagogesch ausgebilt ginn, an net nëmme Recherche maachen? Här Adam, d'Regierung, déi viregt Regierung hat dat virgesinn, andeems se gesot huet, et soll een net onbedéngt e Master a sengem Fach hunn, mä et soll een och kënnen e Master pédagogique hunn. Dat ass awer, mengen ech, och haaptsächlech vun de Proffegewerkschaften net gutt ugeholl ginn. An et ass hei op alle Fall an der Chamber och net ugeholl ginn, sou dass déi Fro eigentlech fir de Moment vum Dësch ass, muss ech emol esou soen.

(Interruption)

Déi aner Fro mat den technesche Beruffer, Mathematiker a Physiker: do wëll ech just soen,…

Une voix.- Ass kee Proff hei?

M. François Biltgen, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.-* … dass et net nëmmen am Enseignement ass, wou een net genuch Leit huet, mä och am Privatsecteur sinn et der net genuch. Dat ass e Mangel insgesamt vu Leit, déi an d'Mathematik a Physik ginn. Sou dass et net esou ass, dass déi elo éischter an d'Betriber ginn, au contraire, au contraire! Well ech hu just an deenen Domänen der ëmmer erëm begéint, déi soen: „Mä wann ech kucken, wat ech als Fuerscher am Betrib verdéngen a wat ech dann herno am Enseignement verdéngen!" Sou dass et oft awer do de Choix ass, fir manner d'Carrière ze kucken, mä fir ze kucken: Ginn ech léiwer an den Enseignement oder bleiwen ech léiwer an der Recherche? An et ass an der Recherche privée nach laang net ëmmer alles esou mat Carrièren, souguer a Centre-de-recherche-publiquen ass net ëmmer d'Carrière esou geregelt, wéi et beim Stat am Enseignement geregelt ass.

Nach eng Kéier: Den Haaptpunkt ass, dass mer net genuch jonk Leit hunn, déi iwwerhaapt Physik a Mathé studéieren. Dat bleift nach…

M. Claude Adam *(déi gréng).-* Ech wollt just soen, Här Minister, datt déi Leit vill Débouchéen hunn, déi déi Richtung ginn…

M. François Biltgen, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.-* Jo, jo, déi hu ganz vill Débouchéen, well et der net genuch gëtt. Et gëtt der weder genuch am Privatsecteur, nach gëtt et der genuch am Enseignement doranner. Do si mer eis…

Une voix.- Mer sinn eis eens.

M. François Biltgen, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.-* … eens. Dann…

Une voix.- Déi si rare wéi wäiss Mais!

M. François Biltgen, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.-* Dann huet den Här Colombera gesot, ech hätt d'APESS hei net consultéiert. Den Här Bauler huet gesot, mir hätte kee Syndicat consultéiert. Mir hate gemengt, dat heite wär eppes, wou mer eppes géife maachen, wat jiddweree revendiquéiert huet. Ech wëll och soen, dass och keen - d'Gewerkschaft - mech elo ugeschriwwen huet, fir bei mech ze kommen. Selbstverständlech, wann ee gär bei mech kënnt, kënnt ee bei mech.

An Zukunft wäerte mer nach a Saache kommen, wou mer selbstverständlech - dat gehéiert zu enger Aarbechtsmethod, déi ech zënter Joer an Dag maachen, fir och ze consultéieren -, dat wäerte maachen. Mir hunn d'Beruffskummere consultéiert. Nun ass et leider esou - mä dat huet d'Wahlarithmetik mat sech bruecht -, dass d'APESS net an der Beruffskummer vertrueden ass, sou dass dann effektiv dat net gaangen ass.

Dat gesot, mengen ech, dass ech selbstverständlech ëmmer bereet sinn, ze diskutéieren. Nach eng Kéier wëll ech soen: Et huet awer bis elo keng Proffegewerkschaft mech als Héichschoulminister gefrot, fir bei mech ze kommen. Ech wäert dann, wat all déi nächst Reformen an den Héichschoulberäich ubelaangt, proaktiv op d'Gewerkschaften zougoen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci dem Héichschoulminister. Den Här Hoffmann hätt nach eng Kéier gär d'Wuert.

Une voix.- Ohh!

M. André Hoffmann *(déi Lénk).-* Net ohh! Ech mengen, et drängt sech awer eng wichteg Rectificatioun oder Prezisioun op par rapport zu der pedagogescher Ausbildung vun de Proffen. Si maachen, wa se de Master hunn - respektiv den Ancien régime -, da maache se zwee an en halleft Joer Stage. Déi zwee an en halleft Joer Stage, dat ass jo zu engem ganz groussen Deel pedagogesch bezunnen a praxisbezunnen Ausbildung, menger Meenung no nach méi mat ze vill Stress a mat ze vill Pseudotheorie verbonnen, mä dat ass eng pedagogesch Ausbildung. Zwee an en halleft Joer! An dee musse se packen!

An da wär ech nawell frou, wa mer kéinten eng Kéier eng inhaltlech Evaluatioun kréie vun deem Travail de candidature. Well ech gleewe bis elo nach net drun, dass deen e grousse positiven Impakt hätt op d'Recherche zu Lëtzebuerg. Ech widderhuelen nach eng Kéier: D'Regierung soll sech iwwerleeën, ob se net e Proff während senger Beruffscarrière, wann en dee Stress vum Stage eng Zäit laang hanneru sech huet, dann a Rechercheprojeten wëll abauen, déi dann ënner Ëmstänn eis méi géifen notze wéi dat do, wat ganz oft eng Flichtaarbecht ass, déi gemaach gëtt, well se muss gemaach ginn.

M. le Président.- Merci dem Här Hoffmann. Den Här Kartheiser huet nach d'Wuert gefrot.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Ech wollt dem Här Minister och nach eng Fro stellen. E wor esou séier fort. Ass dat nach méiglech, Här President?

M. le Président.- Jo, Äre mandatéierte Spriecher hätt dat jo kënne maachen.

Plusieurs voix.- Jo! Maja!

M. le Président.- Ech mengen, duerfir ass e mandatéierte Spriecher am Prinzip do, Här Kartheiser, fir all Froen ze stellen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Däerf ech d'Fro vläicht un den Här Minister viruleeden, ob ech em däerf eng Fro stellen?

M. le Président.- Ma stellt Är Fro, mä d'nächst Kéier sot Der Ärem mandatéierte Spriecher se, da kann dee se stellen!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Dat maachen ech gär, Här President! Ech wollt awer den Här Minister froen, well en ass esou séier iwwert d'Wahlmodalitéiten do ewechgaangen, firwat d'APESS dann net vertrueden ass an de Beruffskummeren. Do wollt ech en awer froen, ob e sech da bewosst ass, datt dat contestéiert ass, a wéi da seng Positioun zu deem Problem ass.

Merci.

M. François Biltgen, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.-* Jo, Här President, also ech sinn net séier fortgaangen. Wéi et eriwwer war, sinn ech mech sëtze gaangen. Dofir stinn ech elo erëm op.

(Hilarité)

Dat ass kee Problem. Ech wëll lech just soen, dass déi Fro vum Här Kartheiser sech dann un de Fonction-publiques-Minister adresséiert, an dee weess selbstverständlech, dass dat aktuellt Gesetz, wat déi Wahlarithmetik mat sech bréngt, vun der APESS contestéiert ass. Esou wäit ech weess, huet d'APESS och déi Recoursen do agelueht. Et ass also net um Minister, fir dat elo ze kommentéieren. Dat ass awer elo dann nach eng Affär vun de Geriichter, an ier dass d'Geriichter gesprach hunn, ass et do net um Minister, fir zum Fong vun der Fro Stellung ze huelen.

M. le Président.- Sou, domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

(Interruptions)

Also, d'Resultat vum Vote ass 60 Jo-Stëmmen. Domadder wär de Projet de loi 6201 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Marcel Oberweis), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert (par M. Jean-Paul Schaaf), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Clement), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par M. Ben Scheuer), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Fernand Etgen), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Als nächste Punkt hu mer d'Diskussioun vum Projet de loi 6215 iwwert d'Personal am Secondaire a Secondaire technique. Hei ass d'Riedezäit och nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Eicher, Berger an Adam.

(Interruption)

A Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

3. 6215 - Projet de loi portant modification

1. de l'article 3, paragraphe a) de la loi du 27 mai 2010 portant

1. modification de la loi du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique,

2. modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,

3. modification de la loi du 9 juillet 2007 portant

1) création d'un lycée à Luxembourg-Dommeldange

2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,

4. abrogation de la loi du 10 août 1991 portant

1) création de la fonction d'instituteur d'économie familiale;

2) modification de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire;

3) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;

4) modification de la loi du 6 septembre 1983 portant

a) réforme de la formation des instituteurs;

b) création d'un Institut supérieur d'études et de recherches pédagogiques;

c) modification de l'organisation de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire;

2. des articles 42 et 46 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

M. Ben Fayot *(LSAP), rapporteur.*- Här President, de Projet 6215 ännert d'Gesetz vum 27. Mee 2010 iwwert d'Personal am Secondaire grad wéi d'Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Personal vun der Grondschoul of. Dass mer dës zwee rezent Gesetzer elo schonns punktuell ëmännere mussen, huet mat dem Bologna-Prozess an der Diversitéit vun den Universitéitsformatioune fir d'Carrièren an der Schoul ze dinn.

Bekanntlech hunn d'Héichschoulministere vun 29 Länner am Joer 1999 beschloss, d'Héichschoulwiesen an Europa ze reformëieren. De sougenannte Bologna-Prozess huet déi zwee nei Diplomer geschaf, de Bachelor an de Master, an dorop en drëtten Zykel vu Fuerschung gesat, deen zum Doktorat féiert. D'Haaptzil vun där Neiuerdnung ass et, d'Mobilitéit vun de Studenten a Proffe grad wéi vum Wëssen ze erméiglechen. Et gëtt Länner, déi hire System scho ganz op de Bologna-Prozess ëmgestallt hunn, anerer net.

Zu Lëtzebuerg huet d'Regierung am Oktober 2007 festgehalen, dass den Diplom vum Master Zougank zu de Carrières supérieures vum Enseignement secondaire, also den E7-Carrièrë gëtt, an de Bachelor zu deene vum E5. D'Gesetz vum 27. Mee 2010 huet dofir d'Base légale geschaf. An deem Gesetz war virgesinn, dass während enger Iwwergangszäit vun dräi Joer no Akraafttriede vum Gesetz, also bis Juni 2013, Leit mat Diplomer nom fréiere System hir Kandidatur fir an den Enseignement secondaire kéinte stellen.

Nu weist et sech, dass déi Iwwergangszäit ze kuerz ass a bis den 1. Januar 2017 verlängert muss ginn. D'Ursaach dofir läit an den Développementer op den Unien. Besonnesch an Däitschland an an Éisträich, wou traditionell vill Lëtzebuerger studéieren, ass de System net bis Enn 2010, wéi virgesinn, ëmgestallt. Et gëtt nach hefteg zwëschent den Héichschoulen diskutéiert, ob dat iwwerhaapt soll gemaach ginn, sou dass virauszegesinn ass, dass och 2013 an duerno nach Diplomer nom traditionelle Regime ausgestallt ginn. Dofir déi Verlängerung bis 2017.

En anere Problem betrëfft d'Zäit, während där Diplomer vum Ancien régime, also viru Bologna, nach akzeptéiert ginn. An hirem Rapport zu deem Gesetz vum 27. Mee 2010 hat de Rapporteur vun der zoustänneger Erzéiungskommissioun, onse Kolleeg Fernand Diederich, geschriwwen, ech zitéieren, hie bericht: «Considérant qu'il s'agit d'une question de principe qui se pose pour l'ensemble des carrières supérieures de la fonction publique, elle», dat heescht d'Kommissioun, «estime que le Gouvernement devrait élaborer une solution globale pour régler le cas des détenteurs de diplômes antérieurs au processus de Bologne, qui aspirent à accéder aux carrières supérieures de la fonction publique.»

Dësem Wonsch gëtt mat dësem Gesetz fir d'Éducation nationale Rechnung gedroen, an zugläich och fir d'Fonction publique, wéi mer dat an der Kommissiounssitzung vum Vetrieder vun der Fonction publique gesot kruten. D'Fonction publique huet sech dofir mat der Éducation nationale ofgeschwat. Bekanntlech kann d'Fonction publique dat jo iwwer e Règlement grand-ducal maachen, während d'Éducation nationale dat iwwer e Gesetz maache muss.

De Prinzip ass also kloer: D'Diplomer „ancien régime" kënne bis 2017 ofgeschloss ginn. Duerno gëtt et nëmme méi Diplomer vum neie Regime. All déi Diplomer, ob alen oder neie Regime, berechtegen derzou, sech dem Concours fir d'Carrière supérieure am Enseignement oder an der Fonction publique ze stellen. Dat gëllt och no 2017 weider. Also bleiwen all Diplomer, ob „ancien régime" oder „nouveau régime", illimitéiert akzeptéiert.

Domat ass de Parallélisme vun den Zouloossungskritäre fir Professer a fir déi aner Carrières supérieures administratives et scientifiques hiergestallt - wat ons Kommissioun ausdrécklech gefrot hat, wat dat Zitat beleet, wat ech elo éinescht gelies hunn.

Wat den Enseignement fondamental ugeet - dat ass den zweeten Artikel vun deem Gesetz 6215 -, war am Personalgesetz vum 6. Februar 2009 am Artikel 46 eng Iwwergangszäit vun dräi Joer no Akraafttriede vum Gesetz virgesi ginn, während där een auslänneschen Unisdiplom „préparant à la profession d'instituteur" unerkannt géif ginn. Vu dass d'Studië fir déi Diplomer an Däitschland véier bis fënnef Joer daueren, gëtt den Délai bis de 15. September 2014 verlängert, well déi dräi Joer, déi virgesi waren, deene Studenten, déi zum Beispill 2009 déi Etüden ugefaangen hunn, net duergaange wären.

Zousätzlech dozou gëtt den Ënnerscheed zwëschent Diplomer vum Certificat d'études pédagogiques, déi vun 1994/95 un délivréiert goufen, an den Diplomer, déi am Ausland délivréiert goufen, abrogéiert. De Certificat d'études pédagogiques war deemno illimitéiert akzeptéiert, déi vum Ausland nëmme bis 2012. Dësen Ënnerscheed gëtt ofgeschaf, an all Diplomer ginn och weiderhin illimitéiert akzeptéiert.

Och gëtt déi Iwwergangsperiod vun zéng Joer ofgeschaf, déi am Artikel 42 vum Personalgesetz vun 2009 enthale war fir Diplomer wéi de BAP vum IP oder den CEP vum ISERP. All déi Diplomer bleiwen also gülteg, fir sech dem Examen-concours ze stellen.

Mat dësem Gesetz bleift also all Diplom souwuel am Fondamental wéi am Secondaire gülteg. Eng Mesure, déi also och an der Fonction publique gëllt an déi et erlaabt, all deenen, déi eng Kéier Diplomer fir den Enseignement oder och fir aner Carrièrë krut hunn, d'Dieren opzeloossen.

Dat ass den Inhalt vun deem Projet. Ech wëll derbäisoen, dass d'LSAP-Fraktioun selbstverständlech dëse Projet de loi och matdréit.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Fayot. An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Emile Eicher agedroen. Här Eicher, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Emile Eicher *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass éischter d'Ausnahm, datt mir als Chamber Gesetzer erëm ännere ginn, déi mir eréischt kierzlech gestëmmt haten.

(Interruptions diverses)

Mä wéi bei allem, wat nei ass, entdeckt een no enger Zäitchen, datt an der Praxis Situatiounen opdauchen, déi nei Léisunge verlaangen.

An dësem Gesetz ginn d'Iwwergangsbestëmmunge fir den Zougank zum Beruff vum Enseignant geännert, andeems eng Partie ganz spezifesch Punkten ugepasst ginn, fir der Realitéit um Terrain Rechnung ze droen. Dat gëllt virun allem fir lëtzebuergesch Studenten, déi a Länner studéieren, déi de Bologna-Prozess nach net komplett ëmgesat hunn oder nach amgaange sinn ëmzesetzen. Et ass virauser vun Däitschland an Éisträich Rieds gaangen. Si sollen d'Méiglechkeet behalen, fir nom Enn vun hirem Studium hei zu Lëtzebuerg kënne Professer respektiv Schoulmeeschter ze ginn.

Ech ginn elo net an den Detail a vun deem, wat duerch dëse Gesetzesprojet geännert gëtt. Dat huet den Här Rapporteur jo schonn ausféierlech a ganz prezis gemaach, an dofir soen ech him och e grousse Merci.

D'CSV-Fraktioun begréisst et, datt d'Regierung d'Décisioun geholl huet, fir d'Délaien, déi an deene verschiddenen Iwwergangsbestëmmunge festgehale woren, der Realitéit unzepassen. Ganz besonnesch begréisse mir, datt eng Bestëmmung geännert gëtt, bei där mir d'lescht Joer scho kloer an däitlech gesot haten, datt mir mat dëser net honnertprozenteg zefridde wären, an där - ech erënneren drun - och déi parlamentaresch Éducatiounskommissioun deemools nëmmen ënner Virbehalt zougestëmmt huet.

Ech schwätzen hei vun där Dispositioun, déi seet, datt all déi Kandidate fir de Proffeconcours, déi d'Konditioune vun där aler Gesetzgebung nach erfëllt hunn, sech nach just während dräi Joer, nodeems dat neit Gesetz a Kraaft getrueden ass, fir de Concours melle kënnen. Duerno hätte si dann d'Admissiounskritäre vun där neier Gesetzgebung respektéiere missen.

Am Kloertext heescht dat, datt jiddwereen, dee virum Bologna-Prozess studéiert huet an enges Dags wëlles hätt, fir Proff an engem Lycée ze ginn, dat net méi no engem Délai vun dräi Joer hätt kënne maachen. An dat aus deem einfache Grond, well seng Diplomer nom Bologna-Prozess net méi duerginn.

Bei dem Débat virum Vote vum Gesetz vum 27. Mee 2010 hat sech d'CSV-Fraktioun schonn d'Fro gestallt, ob de Stat a speziell eise Schoulsystem et sech erlabe kann, Leit, déi zum Beispill aus dem Privatsecteur an den Enseignement wiessele wëllen, einfach esou de Wee ze verspären. Mir woren dunn a sinn och haut nach der Meenung, datt et eisem Schoulsystem grad gutt géif doen, wa méi Enseignanten eng laang ausserschoulesch berufflech Erfahrung matbrénge kënnen.

Déi zoustänneg Kommissioun wor sech dëser Problematik och voll bewosst an hat deemools déi aktuell Iwwergangsdispositioun just op Wonsch vum Statsrot an de Gesetzesprojet integréiert, well déi héich Kierperschaft sech energesch géint déi initial Dispositioun gewiert hat, déi deemools scho virgesinn hat, datt all déijéineg, déi hir Diplomer virum 31. Dezember 2012 gemaach hunn, och an Zukunft fir de Proffeconcours kënne matmaachen.

D'Éducatiounskommissioun hat dem Statsrot allerdéngs just noginn, well de Problem vun den Diplomer, déi virum Bologna-Prozess gemaach goufen, net just de Proffeconcours, mä am grousse Ganzen den Accès zu de Carrières supérieures beim Stat betrëfft, an deemno esou séier wéi méiglech eng global Léisung misst fonnt ginn, fir datt de Stat och an Zukunft fir erfahren a kompetent Leit aus dem Privatsecteur oppe bleift.

Déi Léisung ass elo vun der Regierung fonnt ginn a gesäit esou aus, datt och an Zukunft d'Carrière vum Stat fir déi Leit opbleift, déi hiren Diplom nach no deem alen Héichschoulregime ofgeschloss hunn. Domadder si mer erëm op eis Case de départ zréckkomm, wou mer d'lescht Joer scho wollten higoen.

Här President, dat gesot, ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun zum Gesetzesprojet 6215 a soen alle Matbedeelegte Merci fir hir Zesummenaarbecht.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Eicher. An als nächste Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President. Ech wéilt och direkt dem Rapporteur Merci soen. En huet e kuerzen, awer e ganz pertinentë Rapport gemaach, souwuel schrëftlech wéi mëndlech. Ech wéilt duerfir nëmmen e puer kleng Remarquë maachen zu deem Sujet. Wann een deen e bësse vläicht salopp ëmschreift, kéint ee soen, mir versichen hei, de Verfallsdatum vun den Diplomer e bëssel-chen ze verlängeren. An et geet jo hei besonnesch ëm déi Leit, déi wëllen e Posten am Enseignement beim Stat briguéieren, souwuel am Secondaire wéi am Primaire.

Mir wësse jo - ech mengen, datt d'Ursaache schonn erkläert si ginn -, datt et trotz